# >Robert Mergen, den desertör.<

Bei der Altert der schéner Bâch, gouf ech 6.1.24. zu Uselding gebör
dât wât op mech wârd, gouf ech 19 Joer dropp gewöhr
Krich, Reiber a Gendârem we'all Bouff hun ech gespiilt,
wei dât wiirklech war, hun ech 1943 a Russland gefiilt.
mäi Papp hat mer vum Krich 14-18 erzielt, gaunz schro Sachen
de Krich 40-45 hun ech selwer erlewt, a Kän hâât demals ze lâchen
de Gefreiten Adolf Hitler hu se 1933 biirelen a jäitze geloos
erfeilert as d'ganz Welt, wei 39 he'n an d'Krichshaar gebloos
geschlöcht huet en du 50 Milliounе an Ost und West
Lëtzebuerg iwerrant, an den 10. Mëe 40 sutz he'n hei fest

an den Arbeitsdienst a Wehrmacht gezwong, mërsi Preis gin
d'Jongen 20-27 a Russland a K.Z geschlöcht an endlich vill
fir d'iescht war 1920 under Reih, den Zodi huet ugefaang
am Februar 43 war mäin Tuur an esou as et gaang

et war äis gaange wei eise Komerode viirdrunn
a sin de 16. Februar zu Kontopp geland matt der Bunn
opp der Gare stungen d'Preise matt engem Wägelche prett
hu nitt gewosst dat jidder än 10 Kilo Zôsis bei sich hätt
de'ne Klengen hir Valise hu mër op de We'inche getesselt
de'i äner si matt hiren durch de Sand op Refelde gewänzelt
dat hu mër gär gemaad, wöl matt eise Sache gi mer secher sâd

eis d'Gezei hu mer nitt diirfen undinn
wöll a preisische Lompe hu mer misse gedrillt gin
matt eise Päkk hät Hoffmann's Pîr op der Gâr nitt ze laachen
an d'Preisen hâten a plaz Zôsis, nömme Köttings Saachen
mer waren awer nitt esou, hu gedält da waren se frou.

Den R.A.D. war eng vormilitärich Sâch, hei de Programm vum Daag,
Um 6 Auer aus dem Streh, an den Training a se'er an de Schne
di Grouß vir, di Kleng hannendrunn, an um ½ 7 ënner dem Krunn
dat alles as se'er gaang, wöll um 7 auer höt de Kaffi ugefâng
d'Bett gemëëd an de Spinnt an d'Faal geluecht
an dann um 9 Auer zu Gabelsdorf d'Fräsene geschluecht
öm de Mötte ware mer da gudd midd
am Speisesaul hu mer dann de Bauch erömm gefüllt kritt
mër ware nitt glott, waren zefridde matt Krompere, Nuddel an Zopp
eng Schnäkigkät ware mer bis dohin nach gewiint
wöll de'i hate mer nach bis dohin an eisem Spinnt.

Nomöttes war Unterricht am Schießen a Sangen
oder Laafen Krauchen, Klammen a Sprangen

eis Arbicht vum Dag war ferdig, an de Kach höt erömm gewârd
matt Pellkartoffeln Margarine und Quark.

van 8-10 waren 2 Fräi Stonnen erzielt hu mer, gelocht a gesongen
um 10 Auer as d'Stuff aafgemellt gin
Stube und Spaten geputzt wei dât huet misse sin
wan ämöl gekraut, da war, Besen u. Schaufel auf Urlaub
dann an de Streh'sâk gedukkelt, an eng Zokkerbohn gesukkelt

op d'Uo'er hu mer äis da gelöcht, an ewenig un Hëëm gedöcht
90 De'g, t'as än Dunn, da Kommen d'AmeriKaner iwer
de Pull geflunn.

Domatt häte mer de Preisen hiren DreKK böllig geméëd
3 Me'int zu Rehfelde verbröcht, an äis op den Hëmweh gefréëd

Mër ware geschoult fir de Krich, hun op d'ameriKaner gewârd
oder musse mer fir d'zwät fort, dat hu mër gefôörd.

esou as et gaangen, - de Stellungsbefehl war do ir mër do waren
mer sollen d'Russe bezwangen a fir d'Preisen de Krich wannen
an de Kasören solle mer studeiren, fir Russe läfen ze le'ieren

mër ware Kräftig Borschten duurch an duurch
a we'i all Letzebuerger Konnte mer Keng Fuurcht.
Fir richtig Fitt ze sin, si mer durch all DreKK gejöt gin
sou häten d'Preisen gedöcht, an no 6 Me'int äis an d'front bröcht

enges Daag's hun d'Preise näischt anescht me'h font
a gären oder nitt, auf in die vorderste Front.
do war et licht ze begräifen, dat si um läschte Loch ginge päfen
mer häte nit vill Spâs mam Krich, an häten es geschwö genug
Dohëm hate mer versproch, m'er ginge seier durch d'Loch

Dë'eng sin an Italien, dëi âäner sin a Russland geflunn
vill Honger, Angscht, DreKK a Misär häte mer dervunn

Haalt hinnen de Bass, mir sin hinne geschwö lass

daat war alles waat si iiwer de Pull Konnte jäitzen
iwer dëm mer eis d'Glidder a Russland hu musse zräisen

Meng Mamm soll sich beräigen war mäi lëëschte Breif
mer schleichen an der Nuecht zu de Russe grad we'i De'iw
Urlaub Krüte mer Kääm, mä vill Schnaps än Zigaretten
ou'ni Urlaubsschäin wär ech nömme matt Iwerläifen ze retten

viele waren berufen awer wenige auserwählt war hei de Fall
we'n hat elo de ne'dige Courage, wöll geschass hôt et iwerall
9 Komerode ware prett de RusseKascha ze schmâächen
we'nt eisem Soldbuch hu si du gezekt fir matt ze maachen
mer waren eng Elitedivisiouh häte Spezialgezei apaart
döfir hat Schreiwstuff eis Soldbuch am Schaaf agespaart

Mër Letzebuerger brauche näischt ze färten, hôt B.BC. gesoot
an dem 30.11.43 stunge mer öm Halefnöcht virum Stacheldroot
Et waren Alb. Schmit vu Lentgen, Jäng Kerschen vun Esch Ölzig
den Ustöffter Robert Mergen de responsabelen vu Keinzig

Fir de ReK ze deKKen hu mer un d'Frontausbildung gedöcht
d'Leuchtpistoll eweg an d'Maschinegewehr geschlöcht
vun hanne ware mer ze soe gedeckt, mä vir war den Droot
fir do driwer ze Kommen wosste mer weder Root nach Doot
den albert hät Situatiouh erfaast war am System D ön Ass
erwëscht eng hölzen Dunn, an am Droot war ö Ross

mër waren de Preisen entwutscht am Niemandsland geland
aurevoir Komeroden, bei äis as et gaange we, geplangt
elo war Läfen Tromp, ziddere Krauchen, robben a schwäsen
sollt än Trupp noKommen, 298 Kugelen hâte mer Fir ze scheißen
Tarngezei op de waiss Säit gedre'nt -27. 1 Meter Schne'
ömdreien lo'ni Befehl war verbueden an der däitscher Arme'

mer waren eppes eng Stonn önnerwe', hanner äis alles roud
si haten äis entdeckt, wa si äis Kre'en, da si mer dout

den Doudschwäs gät äis ous, nach humer Kä Russ gesin
mer läfe bei de Bäsch, -RussKi Kamerad- wo sollen si sin
Schnelspüren Telefonsdre't, nach ömmer Alarm bei de Preisen
e Glekk date si Leucht pistolen häten fir äis de We' ze weisen

20 Meter virun äis gesouche mer eng Kanon, mä Kän do leien
2 Zaldote matt Mäntel hun derbäi geschlöf t'ware Keng Preisen
den Albert wollt sich iwerzächen, Zitt än un de Schung
we' de Blëtz sprengt en op, fängkt we' wöll matt schiessen un

le'wich ware mer nach bis elo gesche'ie wat wöllt
d'Preise Können elo Kommen, hei Keen äis fönnt

mër hun elo gewosst wo d'Russe waren, geplömt an der ZeKonn
ërappt hei de äner do, a gezziddert humer we' jong Honn
le'wer Käl we' doud, mër wärte secher eppes erömm Kreien
mer soe LuxemburSKi da fale si virun äis op d'Kneen

dât hâte mër gemengt, wöll t'war vu London versprach
mä de schlitzäugig Konnte soss näischt, we Wodka anach gefrôt

ech gin an ä Lach gezunn: sind si Luxemburger gin ech
aus Stadt Luxemburg, Kenneh si New-England ja hun ech gesoot

et war ë Jüd dën durch d'ReichsKristallnacht zu Lëtzeburg war
iwer Dänemark, Norwegen a Russland gegondelt het an hâr
sich bei d'Armia gemëllt bei än Infanterie trapp
bei Witebsk an d'Front Kom an äis aus der Patsch rappt

New-England as ä Konfectiounsgeschäft an der Stâdt
an dëm he 1938 bei senger Famill eng Stopp font haat

hën hât gesörgt we' eng Mamm a mer Krûten d'Kläder erömm
äis bei de General a säi Bunker gefo'ert an d'Nöcht war öm

wate mer gebraucht höt eise jüdische Frönnd gemäd
an Zwe'n De'g dropp höt he'n äis an d'russisch Front begläd
500 Meter sutze mer viru GanKowo, bâl bei eise Komeroden
si solle virum Stürm eriwer Kommen, hu mer hinne geröden
Dât op lëtzebuergesch, Däitsch, Franzesch an zimmlich hârd
vive lëtzebuerg, vive eis d'Charlotte hât den Albert bäi gesâd

Wât de General gär gewosst, hu mer him verôden
hoffentlich wärten eis Komerôden nit önerd seng Panzer gerôden
mer Krûten Zigaretten, Wodka a Speck vum Generôl fir merci
a Kommen op Moskau bei d'Franzesch Legioun Normandi

bei de Preisen
hen hat dât gudd gemengt, mä 8 Dég dropp ware mer erömm
versprach, mä ouni Schreiwes Konnte mër näischt beweisen

esou war et äis goangen, do huet Kä Lëtzebuerg Kannt
d'Preise ware Meeschter am Lager an äis hu se Fritz vernannt.

no all déne schéne Verspriechen a laang genug gewaard
sin ech zu Tambow geland, an do als Lëtzebörger agespaart.
bis den 12. Mai 44 ware mer bei den Elsässer-Loth. opgeschriwen
mä dörno hun eis Frönn äis âfgewiisen

den 12. Mai 44 hât de Stalin mam De Gaulle ô Kontrakt önnerschriwen
daaten d'Franzousen nit méh lang a Russland bliwen

getrennt si mer vun den Elsässer-Lotheringer gin
Wöll et esou zu Moskau am accord sting

russisch Uniformen hu se Kritt, eriwer d'Kabes Britt.

ganz Schung-marscheiert a gesong wé bei der franz. Armee
mer ware vonhinne getrennt an dât dung wei.

op Strehsäkk hu si geschlôf, mër op Bréder, dat war eis Stroof

zwe Méint dropp, den 8. Juli 44 gung d'Pâârd opp
an de Generoll Petit fehrt mat senge Franzuskie fort
mer ware Keng Alliiert, hu misse noch 16 Méint bleiwen
de 17.11.49 wollten se zu Bonn de Contraire beweisen

durch de Kessel vu Witebsk (Juni 44) as eis Zöhl stark geklomm
d'Amerikaner waren zu Lëtzebuerg, dörno fir d'zwât erömm kom

Eise Moskau Minister René Blum, solt Komen, hôt Tambow nit fount
mer wâren dâriwer entäuscht, waren sou gudd wé um Hound.
d'Strehsäkk sin opp eis Bréderbretschen getasch gin

-41° am Januar 45 an Honnert waren hin

den 8. Mai hun d'Preisen sich entlich gin
mäi mër hun ömmer nach Kän Enn gesinn.
de 26. September ware mer op ämôl eröm Franzouse gin
mä di Läscht an d'Wagoe getesselt gin
6 Wochen dropp, de 5. Nov. si mer endlich Dohém geland
3 Joer am Krich, dat war vun öwen erâf geplangt.

Hâält hinnen de Bass, an eis Jugend war verschass

d'Superpatrioten hôten di gudd Plazen, waren di Böscht
mër di no kommen mussen äis begnügem mam Röscht

si ware gesträift a mër ware Preis
si waren Helden (Revue 46) a mer de Bokkel voller Leiss

mër gleewen un dât, wât mer bis elo gedou hunn
an hoffen date mer d'Kaz nit emsous durch Bach geschlôft hun

Robert